N° 4326
Entrée le 25.06.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.06.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/06/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Urgencen an de Lëtzebuerger Spideeler stinn ënner permanentem Drock – personell, organisatoresch a qualitativ. An dësem Kontext stellt sech d'Fro, wien eigentlech legal a mat wéi enger Qualifikatioun an enger Urgence schaffen dierf, a wéi eng Reegele fir d'Bezuele vun dësen Doktere gëllen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Däerf e „médecin spécialiste en médecine générale", deen zu Lëtzebuerg autoriséiert ass ze praktizéieren, legal an enger Urgence schaffen, ouni zousätzlech spezifesch Ausbildung an der Noutfallmedezin?

2. Gëtt et eng gesetzlech oder reglementaresch Basis, déi déi minimal Qualifikatioune festleet, fir an enger Urgence schaffen ze dierfen?

3. Ass den Titel oder d'Funktioun vum „urgentiste" zu Lëtzebuerg reglementéiert? Falls jo:
    - wéi eng Qualifikatioune sinn dofir néideg;
    - wat ass den Ënnerscheed tëscht:
        - der Aarbecht an der Urgence vun engem Spidol,
        - an der offizieller Unerkennung als Spezialist an der Noutfallmedezin?

4. Wéi vill Generaliste schaffen aktuell an den Urgencë vun de Lëtzebuerger Spideeler? Wéi vill vun dëse Generalisten hu keng spezifesch zousätzlech Formatioun gemaach, déi si fir d'Aarbecht an enger Urgence qualifizéiert?

5. Däerf e Generalist oder en Internist, deen an enger Urgence schafft, sech offiziell „urgentiste"

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

nennen?

6. Plangt d'Regierung eng gesetzlech oder reglementaresch Präzisioun betreffend de Statut an d'Konditioune fir Dokteren, déi an den Urgencë schaffen?

7. Ausser dem mémoire d'honoraires, deen en Dokter als Leeschtung un den Urgence-Patient verrechent, wéi eng finanziell Indemnitéite kritt hien zousätzlech vum Spidol fir seng Schicht an der Urgence ze maachen?

8. Ass all Generalist d'office fäeg, an enger Urgence vun engem Spidol ze schaffen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten